pétange
MOTIVATION COMMUNE

Madame COUTO Paula
Conseillère communale

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

2026.73480.SECR – E. Referenz

Péiteng, den 21. Oktober 2026

Betreff: Är Froe vum 21. September 2026
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Yves Schiltz - Tel.: 50 12 51 - 3011)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 21. September 2026 stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Ech soen Iech Merci fir Är ausféierlech an interessant Interpretatioune vum Marchés-Gesetz vum 8. Abrëll 2018 fir déi dräi Beispiller (Campus scolaire Rodange, Museksschoul, Police-Kommissariat), déi Dir esou ausféierlech matgedeelt hutt.
Et schéngt awer, wéi wann Är Statistiken sou schwéier ze fanne sinn, wéi ee Sandkär op der Plage. Ech hat Iech 6 Froe gestallt. Ech hun viru allem no Zuelen an Datumer gefrot. Als Äntwert krut ech vun Iech 3 Säiten Auszich aus Juristecoursen. An der Schoul géif ee soen: Thema verfeelt.

An desem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengesetz, wéilt ech Iech folgend Froen nach eng Kéier sdtellen. Kann de Schäfferot eng komplett Opstellung vun alle Chantien a Projeten, bei deenen d'Gemeng Péiteng zënter dem Akrafafttriede vum Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwer d'ëffentlech Opträg als Bauhär oder Optraggeber opgetrueden ass, virléeën ? Fir all eenzelne Projet bieden ech ëm déi folgend Informatiounen (als Tabell):

Den Numm an eng kuerz Beschreiwung vum Projet;
De geschätzten an den definitiven Optragswäert;
Ob de Projet ënnert d'Bëstemmunge vum Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwer d'ëffentlech Opträg gefall ass;
Wéi eng Vergabeprozedur applizéiert gouf;
Den Datum vun der Publikatioun vun der Ausschreiwung an d'Referenz vun der Publikatioun;
De Numm vun der Entreprise oder den Entreprisen, déi den Optrag zougeschwat kruten;
An, falls keng ëffentlech Ausschreiwung duerchgefouert gouf, op wéi eng gesetzlech Ausnam sech de Schäfferot gestäipt huet an aus wéi engem Grond.

Mat Respekt
Paula Couto
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Mär huelen Är zousätzlech Fro betreffend eng komplett tabellaresch Opstellung vun alle Projeten a Marchéë vun der Gemeng zënter dem Akraafttriede vum Gesetz vum 8. Abrëll 2018 zur Kenntnis, leider kënne mer ärer Demande ënnert dëser Form net nokommen.

D'Gemengeverwaltung kann net obligéiert gi fir disproportionéiert Efforten ze maachen déi hiren normale Fonctionnement beanträchtegen. Den Aarbechtsopwand, d'Zäit an d'Leit déi fir d'Opstellung vun dësen Donnéeën néideg wieren, gi wäit iwwer ee raisonabelen administrativen Opwand eraus deen d'Gemeng kann opbréngen. De Schäfferot ass fir Transparenz, mee d'Recht op den Accès zu administrativen Dokumenter an den normale Fonctionnement vun der Administratioun mussen ënnert een Huet bruecht ginn.

De Schäfferot ass der Meenung, datt net d'Fro u sech, mee hir aktuell, onbegrenzten an exhaustiv *Portée* ënnert dësem Gesiichtspunkt ze kucken ass. Eng Demande, déi sech ouni weider Ofgrenzung op sämtlech Projeten, Marchéen, Prozeduren, Montanten, Publikatiounen an Entreprisë vun enger Period vu méi wéi aacht Joer bezitt, ass a senger aktueller Form als *manifestement abusiv* ze betruechten.

De Schäfferot wëll ausserdeem drop hiweisen, dass ee Gemengeconseiller Asiicht an de Regëster vun den Deliberatioune vum Schäfferot, an Accès op all déi Deliberatioune vum Schäfferot huet, déi *en exécution* vun enger Deliberatioun vum Gemengerot geholl gi sinn. Dir huet also ee Moyen fir Iech déi gefroten Informatioune selwer ze beschafen.

De Schäfferot ass selbstverständlech bereet bei konkret identifizéierte Projeten oder Marchéen déi gefroten Informatiounen zur Verfügung ze stellen, déi all Conseiller dann an d'Gemengenhaus ka consultéiere kommen. Mir bieden Iech deemno, déi Projeten oder Marchéen, déi Iech konkret interesséieren, ze präziséieren.

Et bleift nach ze präziséieren dass déi kommunal Marchéen och verschiddenen interne wéi externe Kontrollen ënnerleien. D'Gemeng schéckt dem *Ministère des Affaires intérieures* reegelméisseg déi virgeschriwwe Relevéé betreffend d'*Marchés publics* an déi domat verbonnen Deliberatiounen. De Ministère üübt déi gesetzlech virgesinne Kontroll aus an deelt der Gemeng eventuell festgestallten Onreegelméissegkeete mat.

Och de *Compte administratif* an de *Compte de gestion* vun all *Exercice budgétaire* ginn dem *Département de contrôle de la comptabilité des communes* virgeluecht a vun hinnen iwwerpréift.

D'Gemeng schléisst allerdéngs net aus, datt bei deem engen oder anere Projet an de leschten zéng Joer, bei Prestatiounen am Beräich vun der *Maîtrise d'ouvrage*, net op eng *procédure ouverte* zeréckgegraff gouf an datt bei der Ëmsetzung vun enger *procédure négociée,* respektiv enger *procédure restreinte sans publication d'avis* déi virgesinn Demarche net an all eenzelnen Aspekt optimal oder formell komplett ëmgesat gouf.

Esou eng eventuell prozedural oder dokumentaresch Onvollstännegkeet ass awer net automatesch gläichzesetze mat enger illegaler Vergab. Entscheedend ass, ob de Marché op enger gesetzlech virgesinne Vergabeform berout huet an ob déi wesentlech gesetzlech Viraussetzungen erfëllt waren.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi sur rendez-vous jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925 N° fiscal: 00005132118